Meshcore Ausbau am Norden



10W Solarmodul & 6dbi Antenn mat integréiertem Bandpassfilter





Uganks Juni war et souwäit, a mir konnten an zesummenaarbecht mat der DEA (Distribution d’Eau des Ardennes), eng Rëtsch nei Meshcore Repeater montéieren. Déi Nodes hëllefen massiv dobäi, den Norden vum Land ofzedecken, sou datt zum Beispill an enger Kris, eng séier, reliabel an autonom Kommunikatioun kann gewährleescht ginn!

Follgend Plazen kruten jeeweils een autarken Solar Node mat enger 6dbi Antenn drun:

- Maarnech
- Déierbech
- Rulljen
- Dickesbour

3 Weider PoE Nodes mat jeeweils 3 an/oder 6 dbi sinn nach zu Lentzwéiler, Bombatsch (Ausgang Maarnech Richtung Fëschbech) an Useldeng ze montéieren.

Ausserdeem konnten mir d'Ekippen mat 10 Meshcore Companions ekipéieren. Doduerch konnten mir eng Kommunikatioun tëscht den verschiddenen Sitten direkt schonn s testen.

news, meshnet

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=news:2026:0622_meshcore_ausbau_am_norden&rev=1782119667

Last update: **2026/06/22 11:14**